Depot : Michel Lemaire

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2026

**MOTIOUN**

**D'Chamber vun den Deputéierten**

stellt fest, datt

- déi geplangten EU-Reform zur Koordinatioun vun de Sozialsystemer **d'Aarbechtslandprinzip aféiert, no deem Lëtzebuerg an Zukunft** fir méi Aarbechtslosegeld vun de Grenzgänger opkomme muss;
- **Lëtzebuerg wéinst sengem eenzegaartegen Undeel vu 47 % Grenzgänger** um Aarbechtsmaart am europäesche Vergläich extreem benodeelegt ass a mat geschate Méikäschte vun 200 Milliounen Euro pro Joer onverhältnisméisseg belaascht gëtt;

**fuerdert d'Regierung op,**

- op europäeschem Niveau all diplomatesch Mëttel anzesetzen, fir ze verhënneren, datt dës Reegelung esou a Kraaft trëtt;
- besonnesch am Hibléck op déi final Decisioun am Europaparlament, fir op d'**Gefor** fir de lëtzebuergesche Staatshaushalt opmierksam ze maachen an dat bewäert Wunnsëtzlandprinzip souwéi déi national Souveränitéit an der Sozialpolitik ze verdeedegen.

Michel Lemaire